ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 5. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

De COVID-Virus huet natierlech och Repercussiounen op d'Versuergung vu Leit mat psychesche Krankheeten. An deem Sënn muss elo dréngend d'Fro vun Ënnerbréngung vu COVID-positiv geteste Patienten an enger zouener Psychiatrie geklärt ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch:

- Ass d'Regierung bereet - esou wéi si dat och schonns am Hibléck op déi éischt COVID-Well zu Lëtzebuerg gemaach huet - der Chamber kuerzfristeg eng legislativ Ännerung ze proposéieren, fir datt COVID-positiv geteste Patienten, déi an eng zoue Psychiatrie agewise goufen, am Fall, wou dat noutwenneg ass, och an aner zoue Psychiatrie kënnen transferéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten